# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



H1 VNEF

No 6/1993

Nov./Décembre


31e année

Fédération VNEF:
5, rue de la Déportation
Luxembourg

## In Memoriam

# Georges-Gilbert Nonnenmacher

Président interdépartemental de l'A.D.E.I.F.
décoré du grand ruban en or avec palmes.



L'annonce du décès de Georges-Gilbert Nonnenmacher le 19 novembre 1993 à l'âge de 68 ans, nous a porté un véritable coup de semonce. Une mort abrupte a frappé Georges. Grand est le nombre des gens qui sont ébahis, médusés.

Toute une génération d'Alsaciens, de Lorrains et de Luxembourgeois est plongée dans le deuil et pleure la perte d'un formidable camarade.

Georges-Gilbert Nonnenmacher fut incorporé de force et évadé de la «Wehrmacht». Il était avocat au bareau de Colmar et lauréat de la faculté de droit de Strasbourg, premier prix de droit international privé et diplomé de l'académie de droit international de La Haye. Il fut aussi le conseiller juridique de la fédération internationale des victimes du nazismes, enrôlées de force.

Depuis la fondation de l'ADEIF (association des évadés et incorporés de force) Georges était membre du comité-directeur de cette organisation du Haut-Rhin. Après le décès de Georges Bourgeois, le 1er août 1978, Antoine Hundertpfund lui succéda au poste de président interdépartemental de l'ADEIF. Ce dernier devait succomber suite d'une maladie surnoise le 21 octobre 1980. C'était à partir de fin 1980 que Georges-Gilbert Nonnenmacher assumait ladite fonction.

Il faut rappeler au bon souvenir de tout un chacun que G.-G. Nonnenmacher n'épargna jamais sa peine, ne recula point devant l'effort. Il était membre titulaire de l'académie d'Alsace et participa aux travaux de plusieurs académies et sociétés savantes françaises et étrangères.

En 1965 fut édité le fameux livre **«La GRANDE HONTE.»** (Edité en 5.000 exemplaires.) Il s'agit là d'un travail de titan. Chargé par les délégations belge, française et luxembourgeoise il élabora un rapport commun sur l'incorporation de force qui fut déposé par la fédération internationale des victimes du nazisme, enrôlées de force auprès des gouvernements de la Belgique, de la France et du Luxembourg. Ces textes furent repris dans ledit livre qui est un véritable chef-d'oeuvre couvrant 239 pages.

Nous nous rappelons aussi de son brillant exposé prononcé au cours de la séance académique lors du congrès de l'association des enrôlés de force, victimes du nazisme, tenu le 18 octobre 1970 à Junglinster. Son discours fut intégralement publié dans notre bulletin No 4/1972 sur les pages 5, 6, 7, 8, 9, 10 et 11. C'est aussi de ce 18 octobre 1970 que date notre photo, qui montre Georges-Gilbert Nonnenmacher en pleine action, langage subtile et avec la verve qui était sienne.

Lorsqu'en 1983 fut créée la fondation **Entente Franco-Allemande** qui avait dans ses attributions la distribution des indemnités allemandes aux incorporés de force alsaciens et lorrains, c'était encore G.-G. Nonnenmacher qui se révéla une des forces motrices.

Parmi nous Georges-Gilbert Nonnenmacher n'était certes pas un inconnu. A maintes reprises il s'était déplacé au Grand-Duché. De tout temps il nous fournissait de précieux conseils. Depuis la libération du joug nazi, il défendit énergiquement sur tout les plans les intérêts des incorporés de force.


Son départ de ce monde nous a plongé dans une immense consternation et une profonde tristesse. Nous déplorons vivement son départ inopiné. A sa famille et à nos camarades alsaciens du Haut-Rhin nous présentons nos sincères condoléances.

P.S. Pour rendre un dernier homage au défunt, une délégation de notre fédération s'était rendue à Colmar où nos camarades Jos. Weirich, Jim Bolmer et Bern. Jacob assistaient aux funérailles du cher Georges-Gilbert Nonnenmacher, le 23 novembre 1993.

s.n.








Inhalt:

Drëtt Actioun: Hëllef fir Tambow a Kirsanow.
Dr. Natascha Wjasowowa.
Aide aux Américains.
Communiqué
Nécrologie.
Avis de recherche.
Aus eiser Agenda

## Bericht über die
### «Journée commémorative nationale des enrôlés de force»

Nach der Messe ging es dann im Festmarsch, die «Garnisounsmusék Dikkrech» vorauf über die «Al Bréck» zum Kanonenhügel. Zur Einstimmung spielte die «Garnisounsmusék» zwei musikalische Stücke. Dann war es an Jean-Pierre Bolmer eine ganze Reihe von Ehrengäste zu begrüßen, nachdem er kurz Sinn und Zweck der «Journée commémorative nationale des enrôlés de force» erläutert hatte. Unter Ihnen begrüßte er die Präsidentin der Abgeordnetenkammer, Madame Erna Hennicot-Schoepges, sowie den Vizepräsidenten der Abgeordnetenkammer Ed. Juncker, Josy Simon, Deputierter, die Europadeputierten Lydie Wurth-Polfer und Nicolas Estgen, die hauptstädtischen Schöffen Pierre Frieden und Jean Goedert, Jos. Weirich, Präsident der «Fédération des victimes du nazisme enrôlées de Force», Aloyse Raths, Präsident des «Conseil national de la résistance», Eugène Muller «Commissaire de la résistance», die Vertreter der befreundeten patriotischen Vereinigungen, der protestantischen Kirche, Pasteur Roland Imbert, des israelitischen Konsistoriums, Großrabbiner Joseph Sayagh.

In den vergangenen Jahren hatten Madame Erna-Hennicot-Schoepges und Premierminister Jacques Santer jeweils die Festansprachen gehalten. Dieses Jahr war die Reihe an Aussenminister Jacques F. Poos.

**«E klengt Vollek huet nët d'Recht sech ze iiren»**

Am Hierscht 1992 hun d'Lëtzebuerger sech u 50 Joer Grève, Zwangsrekrutéierung an Emsiidelung erënnert.

Am Hierscht 1994 wärte mir de 50. Anniversaire feieren vun der Libératioun durch d'Alliéiert.

Mee am Hierscht 1944 war fir di méscht vun deenen, un déi mir haut hei ganz speziell denken, de Kriich an d'Leed nach nët eriwer.

D'Zwangsrekrutéiert waren nach an der Naziuniform am

**Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force,** Association sans but lucratif – Siège: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Boîte postale: **2415 L-1024 Luxembourg. C.C.P. 31329-95 - Banque Internationale: 5-217/4546.**
Rédaction du bulletin bi-mestriel «Les Sacrifiés, 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg.
**Service social aux Enrôlés de Force,** 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. **Tél.: 48 32 32.**
**L'Association des Parents des déportés Militaires Luxembourgeois,** Secrétariat: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg. **L'Amicale des Anciens de Tambow,** Secretariat, Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 – **l'Association des Enrôlées de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat, 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg, ccp 31 324-90. – **Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.,** Siège: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, Oetrange, Tel.: 350 14.
Photocomposition: Informatique S. à r. l. L-3324 Bivange. Impression: Imprimerie Centrale S.A. Luxembourg

Asaatz oder si hun op hiir Libératioun méschtens aus den russeschen Prisongen gewaart. D'KZler, d'Prisonéier an di Emgesiidelt hun oft nach no der Liberatioun fiir laang a batter Wochen a Méint ënnert dem Naziterror gelidden.

Den absoluten Héichpunkt vun dém Naziterror hu mir hei zu Lëtzebuerg virun 50 Joer erliewt. Dem Gauleiter seng verhaassten Decisiounen vum 30. August 1942 sin am Laaf vum Joer 1943 voll zum Droen komm.

No de Grèven am ganze Land hat de Nazi-Okkupant erkannt, dat seng «Heim ins Reich» Politik e kompletten Echec war. D'Präisen hun dë Masque faale geloss. 1943 a 1944 goufen 2 Joer vu grausamer a bluddeger Repressioun.

Mee zënter dem Fall vu Stalingrad ufanks 1943 wousssten d'Lëtzebuerger dohém an an der Friemt, datt dem Hitler seng Arméien och konnten verléieren. Si hun neie Mut kritt. D'Resistenz krut nach méi Opschwonk am Land an dobaussen: och, wéi d'Historiker ët beluegt hun, ënnert den Zwangsrekrutéierten un der Front.

Demols kruten ron 10.000 Lëtzebuerger e «Stellungsbefehl». E gudden Drëttel dovun konnten sech deem ëntzéien. Zur Halschent guefen se hei am Land verstoppt, di aner woren am Maquis an der Friemt oder an den alliéierten Arméien.

Mee Dausenden an Dausenden vun hinnen hun di verhaassten Uniform missten undinn, wär et nëmmen gewiërscht fir hiir Familjen nët «Sippenhaft» dem Prisong, der Deportatioun oder dem KZ auszesëtzen.

Een Drëttel vun den Zwangsrekrutéierten hun op de Schluechtfelder vun Europa hiirt d'Liewe gelooss oder sin an der Friemt als Krichsgefaangen gestuerwen.

Mir denken haut u si, an un hiir Leit, mat gréisstem Respekt an déiffstem Merci. An dee Respekt an an dee Merci schléisst meng Generatioun all déi vun de Joergäng 1920 bis 27 an, och déi, déi erëm komme konnten. Si woren u Läif a Séil geschiedegt, a mat Zukunftsperspektiven, déi nëméi déi woren, déi fir Leit an hiirem Alter hätten misse gëllen.

D'Leed an d'Afferen, mee awer och d'Zesummenstoen aus dem leschte Kriich mussen eng Léier an eng Verpflichtung sin a bleiwen.

Eng Léier an eng Verflichtung.

* fir d'Generatiounen vun haut a vu mar
* um mënschlechen, an och um politischen Plang,
* fir jiddereen vun ons mé och fir eist Land a seng Aktivitéiten dobaussen.

D'Kriichsjoeren waren d'Joeren vu Misère a vu Sacrificer. Mee och vu Patriotismus, vu Courage a vu nationaler an internationaler Solidaritéit an Astoen fir d'Mënscherechter, fir d'Fräiheet an d'Demokratie, a géint d'Diktatur.

Fir déi Wäerter musse mer och haut nach astoen. Och an der Politik.

De fundamentalsten Prinzip vun där Demokratie, fir déi 2% vun der lëtzebuerger Populatioun am 2. Weltkrich geaffert goufen, besteet doran, dass an der Gesellschaft jiddereen di selwecht politesch Rechter huet, deen aarmsten wi dé räichsten, de klengsten wi dé gréissten.

An engem demokratesch organiséierten Europa vun 12, oder muer vun 16 Mêmberslänner, muss dé fundamentalsten vun allen politischen Prinzipien vum Zesummenliewen wouer bleiwen.

Et kann och nët sin, dat an Europa een eleng diktéiert, och nët dee gréissten a räichsten! Et kann och nët sin, dat onst Europa politesch esou organiséiert gët, datt et zu enger Viirherschaft vun de grousse Länner iwert di kleng kéim.

Aus Däischtland bléisst haut nés en rauhe Wand. D'Wiederverénegung huet bis elo net gehalen wat gewess Politiker versprach haten. De groussen Noper aus dem Osten reagéiert nervös.

Grad dat politesch a wirtschaftlech stärkst Land aus Europa misst aus der Geschiicht geléert hunn, dat ultimativ Fuerderungen an Diktatur — wéi a Sachen EG-Zentralbank oder Groussmuechtsdenken, wéi a Saachen Reform vun den europäeschen Institutiounen — bei all sengen Noperen desagreabel Erënnerungen wach ruffen. E Land wat eng zolid Wirtschaft an eng grad esou zolid Währung seng égen nennt, brauch iwerhapt net mat den Muskelen ze spillen. Séin natirlecht Gewicht get vun jiddereng em unerkannt. Et muss nët nach duurch d'Aplanzen vun europäeschen Institutiounen oder wéi, vun der CDU/CSU verlaangt, duurch fundamental Reformen vun den EG-Institutiounen zementéiert gin.

Dat wär nët dat Europa, daat mir Lëtzebuerger, egal vu watfirenger politescher Couleur, ons virgestallt haaten.

Wéi de franséische Präsident François Mitterand am Januar 1992 zu Besuch zu Lëtzebuerg wor, huet hien iwert d'Zesummenliewen vun de Länner an der Europäescher Communauitéit gesoot:

«Le droit de chacun est le même. Nous travaillons à dignité égale. . . . dans un statut qui permet à des pays très différents, à importance variable, de disposer des mêmes droits.»

D'Cohésioun an Europa wär a Fro gestallt, wann deen europäeschen Prinzip un deen den franséische Staatschef do erënnert huet, nët geng garantéiert bleiwen. Eng Polarisatioun tëschent de klengen an de grousse Länner geng de Fonctionnement vun den Institutiounen lähmen. Esou eppes muss am gudd verstaanen Interessi vun Europa selwer verhënnert gin.

Et muss och verhënnert gin, well dat e Schlag an d'Gesiicht wär vun deenen Länner an hiire Biirger, dé fir d'Maastricher Verträg agetruede sin, an der Iwerzeegung sech fir en demokratescht organiséiert Europa anzesetzen a nët fir en Europa, an deem nëmmen déi Grouss ze soen hätten.

Dir Dammen an dir Hären,

am aktive Liewen, a Beruf an a Politik, hun aaner Generatiounen d'Relève vun den Joergäng 1920 bis 27 iwerholl.

Wéi ech elo éinescht ënnerstrach hun, bleiwt d'Léier, déi een aus dem Leed an aus den Affer vum 2. Weltkriich muss zéien, och fir si eng déif Verflichtung.

Eleng d'Solidaritéit vun Nordamerika mat deenen Länner, déi vum Naziterror iwerrannt gi waren, huet ët schlussendlech färdeg bruecht, dat mir am September 1944 vun den Alliéierten befreit goufen.

Zesummen mat der Entwécklung vun der Europäescher Gemeinschaft huet dës transatlantesch Solidaritéit seit elo baal 50 Joer wesentlech dozou beigedroen, datt de Fridden konnt an Europa erhale bleiwen.

Dee Fridden war an as och haut nach laang keng Selbstverständlechkeet.

Et huet dofir d'wirtschaftlech a d'politesch Zesummenrekkelen vun den westeuropäeschen Länner gebraucht, an och d'Atlantesch Allianz.

Am Interessi vun Europa a vun der Stabilitéit an der Secherheet op onsem aale Kontinent sollte mer keen vun deenen zwee Instrumenter liichtfankeg op d'Spill setzen, weder d'EG nach d'NATO.

Virun 4 Joer huet déi ideologesch Confrontatioun tëschent Ost a West der Kooperatioun Plaaz gemaach. Aus der Fauscht gouf eng ausgestreckten Hand.

D'Menace vun engem Ost-West Kriich besteet nët méi.

Mee un de Grenzen vun onsem Europa gin regional, éthesch an ultranationalistesch Konflikter mat der Waff an der Hand ausgedroen. Riiseg Laageren vu Massevernichtungs — an Atomwaffen stellen och nach haut onkalkuléierbar Risiken duer.

All daat bedrét Stabilitéit an d'Secherheet an Europa.

Zwou Flugstonnen vun hei ewech fuedert en rassistech, religiéis an ultranationalistesch bedengte zivile Kriich tëschent 3 Ethnien dausende vun Doudegen an dreift Honnertdausenden vun Flüchtlingen an de Misère. Bis op e Kriich huet d'International Communautéit alles gemaat wat méiglech wor, fir deem en Enn ze setzen.

Dëser Deeg schengt sech, ënnert UNO an EG Vermëttlong eng Léisung ofzezeechnen. Loss mer hoffen, datt se kann en Enn vun de Brutalitéiten an dem Misère brengen.

Am 2. Weltkriich hun d'Lëtzebuerger d'Nazidiktatur an d'Naziideologie refuséiert. Dat war en Astoen fir Fräiheet an Demokratie, an och e Refus vu Rassismus an Ultranationalismus.

Déi Attitude as nach ëmmer richteg a wichteg.

Och um nationale Plaang behalen se eng grouss Aktualitéit.

Eist Versteestemech vun engem offenen, demokrateschen a solidareschen Staat, a vum Lëtzebuerger Modell däerf net vun Egoismus, Neid a populistescher Kurzsichtegkeet a Fro gestallt gin. De Friemenhaass an e Mangel u Matgefill mat de Suerge vun der Drëtter Welt däerfen keng Plaz an onse politeschen Iwerleeungen fannen.

D'Sacrificer vun deene Lëtzebuerger Jongen, un déi mir haut hei speziel denken, d'Resistenz an d'Leed vu Lëtzebuerg am 2. Kriich hu wesentlech zum internationalen Rang vun onsem Land beigedroen. Si hun eng Lëtzebuerger Aussenpolitik nom Kriich am Fong eréischt méiglech gemaat.

Hätten d'Lëtzebuerger, ouni ze muchsen, d'Nazi-Okkupatioun iwert sech ergoen geloos, dann hätten d'Siegermuechten aus dem leschten Weltkriich onst Land an den Camp vum «Ennemi» rangéiert.

Et wär aus gewiescht mat onser Onofhängegkét.

Et géif haut keng Lëtzebuerger Regierung an och ké Lëtzebuerger Aussenminister.

Wann ech dat ënnersträichen, as dat nët fir déi ze schmëchelen, déi hei virum Monument stin.

Et as eng sober Feststellung aus onser rezenter Geschicht.

E Vollek, a besonnesch e klengt Vollek, huet nët recht sech ze iiren.

Virun 50 Joer hun d'Resistenzler an d'Zwangsrekrutéiert vir ons de richtege Choix getraff.

d'Generatioune vun haut sin hinnen zu Dank verflicht,

D'Léift fir d'Lëtzebuerger Land an d'Suerg ëm d'Heemecht hun hinnen d'Kraft gin, déi Afferen ze brengen.

50 Joer dono sollen déiselwecht Léift an déiselwecht Suerg och fir ons e grousst Uleies sin an onsem perséinlechen an national politeschen Handelen.

Déi Verflichtung as haut dee Kär vun onsem Merci.



Nach der Ansprache des Aussenministers Jacques F. Poos führte Jim Bolmer durch das weitere Programm des Tages. Unter den Klängen der «Sonnerie aux Morts» legten Jos. Weirich, Mme Josée Reeff und Jules Steffen einen von den Föderationsvorstandsmitgliedern Ernest Heintz und Jos. Clees getragenen Blumenkranz vor der ewigen Flamme des nationalen Denkmals nieder. Daran anschließend sprachen der Reihe nach Domprobst André Heiderscheid, Großrabbiner Joseph Sayagh und Pastor Roland Imbert Gebete für die Toten der geopferten Generation, wie ebenfalls für die lebenden und frühzeitig verstorbenen Opfer des Naziregimes.

Der von der «Dikkrecher Garnisounsmusék» gespielte Choral «Les Sacrifiés», komponiert vom verstorbenen Josy Comes, unterstrich sehr wesentlich die Gebete, die ergreifend über den Kanonenhügel erklungen waren. Es folgte die «Hemecht», unsere Nationalhymne, welche in recht verwenter Weise von allen Teilnehmer mitgesungen wurde.

Darnach begleiteten die Föderationsvorstandsmitglieder ihre Gäste, wie ebenfalls alle Anwesenden ins Innere des nationalen Denkmals. Dort trugen sie sich ins Goldene Buch der Föderation ein. Mit dem Vorbeimarsch an den Fahnen und einem Händedruck ging die wirklich gut gelungene nationale Gedenkfeier zu Ende.

s.n.

## Drëtt Aktioun mat humanitärer Hëllef fir Tambow a Kirsanow

Fir d'drëtte Kéier haten déi Tambower gesammelt fir kënnen, mat der Ënnerstëtzung vun onser Regierung, e Convoi zesummen ze stelle mat humanitärer Hëllef fir déi genannten Uertschaften a Russland.

De 15. Juli war ët dann esou wäit. Mat engem Camion vun der Firma Tranelux en engem Autobus, wou déi meeschte Sëtzer erausgeholl waren, vun der Firma Wagner vu Mertzig, vollgeluede bis ënner den Daach, hu mir ons op déi laang Rees gemaach. Wat mir mat hate waren lesswueren, Kleeder, Schong, Medikamenter a medizinesch Instrumenter an Apparaten. Ënnerlagen an Dokumenter vun onser Regierung, der Russescher an der Polnescher Ambassade an dem Roude Kräiz an allen op onser Rees gebrauchte Sproochen, hate mir dobäi, esou datt mir honnert Prozent «en règle» waren – hate mir geduecht!

Vu muerges ëm 4 Auer bis owes ëm 6 ware mir riicht duerch gefuer, jhust mat enger klenger Mëttespaus, bis op d'polnesch Grenz. Do gung den Zodi lass. Trotz onse Pabeire fir di zwee Autoe si mir getrennt gin. Et huet 9 Stonne gedauert, ir mir konnten, no enge sëlleche Schikanen, Gediskutéiesch, Gelääfs a Bestieche mat alle Mëttelen, weiderfueren. Mir sin dann nach eng ettlech Kilometer gefuer, ir mir eng kurz Rascht vu 4 Stonne gemaach hun.

Jiddfereen huet sech an e Schlofsak gekuschelt a sech esou gutt wéi méiglech am Bus oder am Camion installéiert. Et war nët, fir déi vollgelueden Autoen aus den Aen ze loossen. Muerges, soubal ët kloer war, hu mir ons rëm op de Wee gemaach, nodeem mir ons um Uwenner vun der Strooss un engem Bur gewäsch an am Stoe séier e Maufel giess haten.




O Gott--- o Gott--- wat eng Rees! Wat en Zodi! Waarden--- a waarden, e Geschikanéiers--- Gediskutéiers--- Gelääfs---

Op der polnesch-weissrussescher Grenz zu Brest gong dann dee selwéchte Palawer erëm vu vir un. Dës Kéier as et awer e bësselche méi séier gaangen, well mir hate schon eng gewësse «routine». Duerno ware mir op der Haaptstrooss fir Moskau, déi mir awer nëmme 50 km agehalen hun, fir vu Kabrin iwer Pinsk d'Streck Gomel ze fueren.

D'Beschëlderung war vun elo un nët méi ganz ewéi ët sollt sin, an natiirlech alles a kyrillescher Schrëft. Et as dun och nët ausbliwen, datt mir ons zu Pinsk verfuer hun an dat eréischt gemiirkt hun, wéi mir vun der Miliz mat virgehalene Kalatschnikowe gestoppt gouwen, a si ons gesot hun, mir wären hei op der Grenz têschend Weisrussland an der Ukrain. Nodeem datt mir hinnen erklärt haten, wien a wat mir wären, an dëst mat e puer Fläsche Béier a Whisky ënnerstrach haten, hu mir därften ëmdréien an zréck op Pinsk fueren. Dat waren ongeféier 100 km Ëmwee, ir mir op der richteger Streck waren.

No ronn 400 km ware mir dann endlech op der Russescher Grenz, déi mir dann och Gott sei Dank ouni Opënthalt passéiert hun. Mir warenmëtten an der Nuecht a vun dem Zoustand vun den Stroossen ewéi geriedert, sou datt e puer Stonnen Schlof näischt konnte schueden. Muergens si mir dun iwwert Nowozybkow, Briansk, Orel, Jelec a Lipeck op Tambow gefuer, ëmmerhin nach bal 900 km.

Et huet sech obémol erausgestalt, datt onse Camion op desëm Wee misst opgetankt gin. Dat wär jo am fong geholl eng einfach Saach, wann dat nët a Russland wär. Tankstatiounen hu mir der vill begéint, mä do war bal iwerall de Schlauch ronderëmgewéckelt, an dat wollt soen, «nitschego niet», absolut näischt do. Hei op eng Kéier bei enger Uertschaft eng Bensinsstatioun wou Autoe getankt hun; mir direkt dohin a gefrot fir de plain ze maachen. Mir kruten du gesot, mir kënnten nëmme Bensin kréien, wa mir Tickée vun der Verwaltung hätten. Mir hun du gelied a geried a gebiedelt, bis mer schlussendlech fir dat fënneftfacht vum Präis genuch Bensin kruten fir bis op Tambow ze kommen.


No bal dräi Deeg Fahrt an 3 200 km koume mir dann de 17. Juli am spéiden Nométtech zu Tambow un.

Mir huele gläich Kontakt op mat onser gudder Bekannter an Dollmetscherin, Professor Natascha Wjasowowa. Gläichdrop gi mir dann vum Vertrieder vun der Tambower Verwaltung a Beschlag geholl an hie bréngt ons am Gaaschthaus vun der Gemeng ënner.

Onsen Openthalt an de Kascht fir d'Zäit zu Tambow iwerhuelen déi zwee Spideeler, fir déi mir d'Saache matbréngen, an och d'regional Verwaltung. No dem Nuetiessen sëtze mir ons mat deene Verantwortlechen zesummen a stellen e Plang op iwert de Verlaf vun deene kommenden Deeg. Duerno geet et awer séier an d'Klapp; ech kann iech soen, d'huet kee missen an de Schloof geweit gin.

Den anere Muergen, no engem räichleche Kaffi hu mir dann d'Verdeelung vun de Kleeder, de Medikamenter an de medezineschen Instrumenter an Apparaten fir d'Stad Tambow an d'Wee geleet. En Detachement vun der russescher Arméi huet ons dobäi gehollef, an esou hate mir dëst bis owes fäerdeg. Mëttes an owes natiirlech all Kéier en däftegt lessen. Dëst war gewéinlech ze vill a mir hun och gesot, mat der halschend hätte mir genuch, wat si awer net gären haten, well si geduecht hun, ët géif ons nët schmaachen.

Den aneren Dag, also den 19. Juli, si mir dann op Kirsanow gefuer, dat jo bekantlech eng 100 km vun Tambow, an östlecher Richtung, ewech läit. Och fir elei hate mir Kleeder, Schong, Medi-



Eng Couveuse fir d'Kannerspidol zu Tambow

kamenter, medezinesch Instrumenter an lesswuere bei ons.

Mir si fir d'éischt am Gemengenhaus vun dem neie Buergemeeschter emfaang gin, deen ons e grousse Merci sot an ons versëchert huet, éwéi an der Vergaangenheet, d'Griewer vun onsen hei verstuerwene Komeroden an der Rei ze halen, wouriwer mir ons duerno konnten iwwerzeegen, wéi mir um Kiirfecht vu Kirsanow Blumen bei der Lëtzebuerger Gedenktafel néiergeluecht hun, am stëlle Gedenken un ons Verstuerwen. Duerno huet d'Gemeng d'Mëttegiessen offeréiert, am eenzegen Restaurant vun der Uertschaft. Am Nomëtteg si mir erëm op Tambow zeréckgefuer.

Dënschdes, den 20. Juli war ganz reservéiert fir d'Lager 188 (dat sougenannte Gefaangenelager Tambow) a wat ët neies heiriwer ze soe gouf. Mir haten elo e gewëssenen Här Valerian bei ons, en nach relativ jonge Man, dee vun der Verwaltung beopdrot as, an de Bëscher ëm Rada (déi Statioun, wou all Prisonnéier ausgelueden oder och erëm agelueden goufen) no dëm Emplacement vum Lager esou wéi no de Griewer vun den am Lager Verstuerwenen ze sichen. Ongeféier eng Dosen huet hien der hei mat senge Leit fond a katalogiséiert.

Drei Stonne ware mir mat him an de Bëscher a sin déi verschidde Plazen ofgangen trotz dem suppigen Terrain an der Mustikeplo. Bei engem Biirkekräiz an enger hëlzener Gedenkplack hu mir onsen hei begruewene Komerode geduecht an, wéi ët a Russland de Brauch as, eng Schlupp Wotka gedronk an de rescht bei d'Kräiz geschott. Uschléissend krute mir vum Vertrieder vun der Verwaltung vun Tambow, dem Här Vladimir Penkov, déi verschidden Emplacementsplangen an Ënnerlagen aus de geheimen K.G.B.-Dokumenter vun de Joeren 1938-1946 vum Lager 188 iwereecht. An engems krute mer eng Skizz vun engem Monument, dat um Rand vun dëse Bëscher sollt opgeriicht gin, fir un all déi Gefaangen, déi hei begruwen sin, z'erënneren. Dëst sollt dun awer onst Diskussiounsthema vum heitegen Nomëtteg sin.



An de Bëscher bei der Eisebunnsstatioun RADA, do wou d'Lager Nr. 188 war. Rieds d'Dolmetscherin Natascha Wjasowowa, an der Mëtt den Här Vladimir Penkow, deen Emplacementsplange vum Lager verdeelt.





Suppeg Wéer waren ze goen, an eng Mustikeplo sonnergläichen huet et schwéier gemaach, fir op d'Plaze vun de Massegriewer ze kommen.

Mir hun der russescher Säit ze verstoe gin, datt mir als Zwangsrekrutéiert, sou wéi och d'Elsass-Lothringer, nët kënnte mat dëser Léisung averstane sin, an datt mir beschloss hätten, en eegenen Erënnerungssteen oder eng Plack dohin ze stellen, well mir jo, genau ewéi d'Russen, Krichsaffer wären.

Ons Gespréichspartner hun dun ons Propositioune mat an d'Verwaltung geholl, wou si heieriwwer debattéiert hun. Den Dag drop krute mir Bescheed, datt si mat onse Raisonnementer d'accord wären, jo datt si esouguer fir de Sokkel, den Amenagement an den Ënnerhalt opkéimen. Mir haten dat erreecht, wat mir wollten, an et misst elo un ons Tambower sin, fir dëst ze verwiirklechen.

Déi lescht zwee Deeg ware mir op verschiddene Receptiounen, wou mir Merci gesot kruten. Fir d'éischt an enger Zännklinik, där mir zwee Roentgenapparate matbruecht haten. Nodeem, datt mir d'ganz Klinik gewise kruten, si mir bei déi vun ons matbruechten Apparate gaangen an hun si zeremoniell iwwergin. Duerno si mir an dat regionalt Kannerspidol gaangen, deem mir jo zwou nei «Couveuse» matbruecht haten. Den Haaptdokter huet ons si schon installéiert gewisen esou wéi déi Couveusen an den Ultraschallapparat, déi mir 1992 iwwerreecht haten.

Duerno huet dem Gouverneur vun Tambow, dem Här Bobenko, seng Stellvertriederin, d'Madame Ludmilla Kudinowa, ons en offiziellt Schreiwes als Merci vum Gouverneur matgin.

Wat nach ze soe wär as, datt all dës Receptioune vun der russescher Televisioun gefilmt si gin, a wéi mir gesot kruten, schons sonndes iwerdroe goufen.

Den 23. Juli muerges fréi hu mir ons erëm op de Wee no heem gemaach. Den Openthalt op de Grenze war dës Kéier nët méi esou laang, éischtens hate mir russesch Begleetpabeiren dobei an zweetens konnt jidferee gesin, datt de Camion an de Bus eidel waren. Déi éischt Nuecht hu mir nach eng Kéier an den Autoe verbruecht, déi zweet dann awer an engem Hotel an der fréierer D.D.R. Den Dag drop gong et riicht durch bis Lëtzebuerg.

Eng laang Rees war eriwwer, d'Haaptsaach, ët war alles gutt gaangen!

Gast. Junck.

## Dr. Natascha Wjasowowa,

**Professorin an der Universität Tambow.**

Der Name «Tambow» ist allgemein in unserm Land zu einem Begriff geworden, dessen Bedeutung vielleicht nur eine kleine Minderheit zu fragen wagt. Das Gefangenenlager in einer Moorlandschaft im fernen Rußland bleibt vielen überlebenden Zwangsrekrutierten in bitterer Erinnerung. Einst mußten sie Abschied nehmen von vielen guten Freunden, die das Glück nicht hatten zu überleben.

Ernest Faber schreibt im Buch «Tambow»: «Unsere Kameraden, die im Tambower Wald geblieben sind, haben mit ihrem Leben unsere Rückkehr bezahlt. Wir werden sie nicht vergessen.»

Wir können heute behaupten, daß die Überlebenden sie wirklich nicht vergessen haben. Hilfsaktionen wurden gestartet zugunsten von Tambow und Kirsanow. Die Bevölkerung dieser Städte hat erkannt unter welchen Umständen junge Luxemburger in eine verhaßte Naziarmee gezwungen worden waren. In Tambow haben die Mitglieder der «Amicale des Anciens de Tambow» eine sympatische Interpretin gefun-

den. Sie ist Professorin an der Universität in Tambow.

Im vergangenen Jahr hatte die «Amicale der E.d.F. von Ettelbrück» gelegentlich der Erinnerungsfeier an den Streik von 1942 eine bemerkenswerte Ausstellung zusammengestellt. Wie es der Zufall wollte, bekam die Amicale von Ettelbrück am 8. September 1992 hohen Besuch. Kamerad Fränz Goedert hatte eben die Interpretin Fr. Dr. Natascha Wjasawowa in Leipzig abgeholt und kam mit ihr nach Ettelbrück zur Ausstellung. Camille Mergen hatte so manches über die Gefangenschaft in Tambow zusammengetragen und dies meisterhaft zur Schau gestellt, was u.a. die notable Besucherin in hohem Maße begeisterte, so daß sie spontan ihre Gefühle in folgenden Worten im goldenen Buch der Amicale der E.d.F. Ettelbrück zum Ausdruck brachte:

*«Solche Ausstellungen wie diese, die den schweren grausamen Zeiten in der Geschichte der Völker gewidmet sind, sollen uns noch einmal an den Krieg mahnen und warnen: «Menschen gedenkt der Verstorbenen, der gefallenen Opfer des Krieges, des Faschismus.»*

*gez.*
*Fr. Dr: Wjasowowa*
*den 8. September 1992*
*Tambow*
*eg.*




## Aide aux Américains devenus victimes d'inondations catastrophiques

Les associations des enrôlés de force dans la Wehrmacht allemande pendant la 2ième Guerre Mondiale étant le plus grand groupe des victimes du nazismes luxembourgeoises, ont toujours profité de toute occasion pour exprimer leur reconnaissance envers le Peuple Américain pour la libération de leur Patrie et d'euxmêmes du joug nazi.

Pour ces raisons aussi elles ont salué l'initiative de créer un fond de secours pour aider la population américaine éprouvée par les pertes suite aux inondations catastrophiques connues dans les régions avoisinantes des fleuves Missisippi et Missouri.

Pour souligner une fois de plus cette reconnaissance, notre Comité Fédéral a lancé un appel à ses associations fédérées et aux sections des e.d.f. pour exprimer moyennement une action commune, leur soutien aux familles et communes sinistrées.

Ont répondu à notre appel:

- Le Comité fédéral
- L'Amicale des Anciens de Tambow
- L'Association des Survivants des enrôlés de force
- L'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme

Les sections de: Bettembourg, Boevange-Clervaux, Diekirch «Ons Jongen», Differdange, Dudelange, Echternach, Eischen, Ell/Beckerich/Rédange, Ettelbrück, Grevenmacher, Grosbous, Hesperange, Hobscheid, Hosingen, Junglinster, Kayl/Tétange, Koerich, Luxembourg, Mondercange, Niederkorn, Rambrouch/(Rammerech), Rodange/Lamadelaine, Rumelange, Sanem (Commune de), Schieren, Schifflange, Septfontaines (Simmer), Steinsel, Sud-Ouest, Useldange, Walferdange, Wasserbillig, Wiltz, Wormeldange, M. Ern. Steichen, Luxbg, Mme Mélanie Flammang, Luxbg, Mme Josée Reeff, Oetrange, Emile Godar, Wormeldange.

Cette collecte a rapporté le montant de 162.200 francs. Un chèque couvrant cette somme a été remis le 22 octobre 1993 aux représentants du «Relief Fund Luxembourg», MM. Emile Krieps et Aloyse Raths par Jos. Weirich, président national des enrôlés de force, victimes du nazisme.

## Communiqué

De 16. Dezember 1993 huet de Fédératiounscomité a senger Sëtzung, ënner anerem, sech fir Xtemol mat der leideger Fro vum Bau vun engem Gériatrie-Zentrum um Houwald befaast. Festgestallt gouf mat groussem Bedauren, datt vu Regirungssäit awer och glat kee Fortgank ze verzeechnen as. Bei der Regirung as absolut **«Funkstille»**. Doriwwer sin eis Leit vum Comité ongehalen. Et gouf beschloss, dem Minister, deen zoustänneg fir de Bau vum Gériatrie-Zenter op dem Houwald as, a geharnëschte Bréif ze schreiwen.

### Nécrologie.



Les membres de la section des Enrôlés de force de Septfontaines ont appris avec tristesse la mort subite de leur camarade dévoué

**Camille Barthel**

survenue le 12.9. 1993 à l'âge de 72 ans.

Né à Medernach le 20.8.21. Il fut forcé au R.A.D. à Adelnau/Pologne, du 3.10.42 au 31.12.42.

Enrôlé de Force à la Wehrmacht le 15.1.43. son calvaire le menait à Kaplitz/Znaim, Dnieperpetrowsk/Mius (Russie). Blessé le 2.8.43. il passait par les hopitaux militaires de Kiew et Cracovie.

Profitant d'un congé de convalescence le 10.11.43. il trouvait refuge chez la famille Pierre Back-Dill à Septfontaines, où il attendait la libération. Nous, ses camarades d'infortune, lui garderons un souvenir vivant et inoubliable.

A sa femme et son fils nous renouvelons nos sincères condoléances.

### Noruff



**Jean-Pierre Lordong**

* 17.8.1925 – † 22.10.1993

D'Sektioun Diddeléng as am Trauer.

E Freideg, den 22. Oktober 1993 hu mir de Lordong's Pier begruewen, 68 Joër, Comitésmëmber an ausgezeechent mat dem «Insigne de Fidélité» vun der Sektioun Diddeléng. Dat war e schwéire Schlag. Als gudde Mataarbechter war de Pier séier geschaat. Seng Höllefsberétschaft war direkt sprechwiertlech. Allzäit stong hien dem Comité mat Rot an Dot zur Säit. Am Numm vum Comité a vun der Sektioun Diddeléng, siëw heimat senger leedgeprëifter Fra an all sengen Familjemëmber en déiw empfonnend Matgefill ausgedréckt. Déi grouss Bedeelegung vun de Leit, graad ewéi eise Fuendel, déi hien op sengem leschte Wee begleet hun, sollen hinnen e klengen Trouscht sin.

Mir ruffen dir zou: «Schlof a Fridden».
Mir vergiessen dech nët.

## Sectioun Hesper

De Comité deelt matt, datt d'Leit, déi gespend hu fir d'Affer vun den Iwwerschwemmungen an den Gebidder vum Mississippi am Missouri, mat hire Nimm an Neijoëerslëscht abegraff sin. Informatiounshalwer deele mer eise Mêmberen a Frënn mat, esou wéi versprach gi war, datt d'Sectioun Hesper genee 20.000 Frang un de «Luxembourg Relief Fund» fir d'Amerikaner iwwerwisen huet.

De Comité

## Avis de recherche

L'Alsacien Eugène TRAWALTER
5, rue de l'École
F-68127 Ste Croix-Emblême


désire prendre contact avec ses anciens camarades luxembourgeois, dont il se rapelle les noms comme suit:

Jean MEYER
? MOLITOR
? STEBER.

Tous les quatre se trouvaient pendant une période de l'incorporation de force dans l'armée allemande au camp **MELITA** près de Minsk dans l'ancienne URSS.

Au cas où l'un ou les trois recherchés lisent cet avis de recherche, il voudront bien s'adresser à Trawalter, dont adresse ci-dessus ou bien téléphoner à notre bureau social ouvert le jeudi après-midi, tél. No **48 32 32.**

## Äddi - - -



D'Sectioun Diddeléng vun den Enrôlés de Force huet en treien a laangjährege Mêmber verluer. Et as den Thédy **BECKER.** Hie war gebuer gin zu Éinen, den 13. September 1920. Am Oktober 1941 gouf hien no Irrel an den RAD verschleeft, an den 9.12.1942 no Mainz an d'Wehrmacht. Verwonnt gouf hien de 25.9.1943, an du gong et duerch eng Rëtsch Lazaretter wéi Gmünden, Paderborn a.s.w.- - -. Den 10. Juli 1944 hat den Thédy déi grouss Chance fir Genesungsurlaub ze kréien. Dovun huet hien profitéiert fir de Preisen unzegoen a war vum 25.7. bis den 10. September 1944 zu Éinen verstoppt.

1948 gouf hien, als eenzege Jong vum Haus, mam Marguerite Herber (och en zwangsrekrutéiert Meedche) bestued a si hun de Wënzer- a Brennereibetrieb vun den Elteren iwwerholl. Aus gesondheetleche Grënn war hie forcéiert, sech fréizäiteg pensionnéiren ze loossen an de Betrieb opzegin...

Den Thédy hung u sengem Duerf Éinen a war och deementspriechend aktiv. Esou war hie President vun der Syndicatsgenossenschaft vum Remêmbrement Éinen vun 1979 bis 1990; Grënnungsmêmber a President vun der Helikopter-Sprëtzgenossenschaft Éinen; Comitésmêmber a President vum Éirevirstand vun der Fanfare Éinen. Ganz aktiv war hien awer och am Comité vun der Antenne Collective an beim Organiséire vum Éiner Wënzerdag.

Zënter der Grënnung 1960 war hie Mêmber an der E.d.F.- Sectioun Diddeléng. Keemols huet hien an enger Generalversammlung gefeelt, grad ewéi en och allkéiers beim organiséiere vun den Treppeltier, bei den Ecursiounen a Stiewesdag an der traditioneller Commémoratiouns-Mass derbäi war. Keemols hat hie verfeelt, déi mémorabel Owender fir seng Sectioun Diddeléng zu Éinen ze arrangéiren. 1968 gouf hien mam «Ruban en argent» vun der Associatioun a mat dem «Insigne de Fidélité» vun der Sectioun Diddeléng geéiert. Mä och um nationale Plang war den Thédy a seng Fra bei alle Manifestaticunen derbäi. Vun 1990 un huet säi Gesondheetszoustand sech progressiv verschlechtert. En huet dësen Zoustand mat vill Energie erdroë bis en ons den 10. November 1993 fir ëmmer verlooss huet.

War säi Begriefnëss och am enke Familjekrees gewënscht gewiescht, huet d'Sectioun Diddeléng dach drop gehalen, derbäi ze sin, a mat der Erlaabnëss vun der Famill gouf onsen Tricolor-Band mat der Opschrëft «enrôlé de force» op d'Lued geluecht, onse Fuendeldréier Aloyse Reger mat dem Fuendel an eng Delegatioun mat dem President Jos. Weirich, dem Secrétär Jos. Benoit, dem Keessier Ferd. Majerus hun um Kiirfecht dem Thédy am Numm vun der Diddelénger Sectioun e leschte Äddi gesot. Ebenfalls war de Fuendel vun der Wuermer Sectioun do (den Thédy war och do Mêmber) an d'Éiner Fanfare huet «Plus près de toi, mon Dieu» gespillt. De Läichendéngscht gouf zu engem eemolege Sympathieausdrock fir den Thédy a seng Famill. Um Altor waren d'Paschtéier J.-P. Betz, Meechtem, zwee Zwangsrekrutéierter, d'Kom. Nicolas Rausch a Robert Brosius, de Paschtouer Ern. Reichling an de J.-N. Schmit e Koséng.

D'Kiirech war bis op déi leschte Plaz besat a genee esou vill Leit hu missen dobausse bleiwen. Um Enn vun der Mass huet de Komerod Josy Thinnes drop gehalen, dem Thédy d'Lidd «Ons Jongen» ze sangen..... vun doheem hu dir misst goën.... Dobäi si munneg engem Tréinen d'Baaken erofgelaaf. Als leschten Äddi huet dan d'Choral vun Éinen dat Lidd «Mäi Wangert» gesongen, Text vum Nic. Heinen a Musek vum Nic. Entringer. Dobäi as da wiirklech keen Aa méi dréche bliwwen: Hei den Text vun deem Lidd:

*Wann ech all Summer margesfréi duerch 't Riefgewaan an d'Aarbecht gin,*

*A wann ech an der Drauwebléi do uewen a mein Wéngert stin...*
*Da klëngt den éiwgen Draam vu vollen Weinherschten déif mir dorreg 't Geblitt. . . .*

*Wa mech bedrécke Läd a Plo, 't Verzweiwlong mech zu Buedem schléit,*
*Mei Wéngert stät ze warden do, wou Trouscht a Fräd erëm mir bléit. . . .*

*Wann ees mein Been mech nët méi dron, an ziddreg gët mei Wënzerschréck,*
*Ech ka mein Léift him nët verson, vu färe rout op him mei Bleck. . . .*

*A wann 't lescht Stonn och mir ees schléit; a wann et laut fir mech zehaf,*
*mäi Schloof as liit, ech si bereet, weil no beim Wéngert läit mei Graaf.*
*Weithin am Dall, da bléien 't Riewen. Den Härgott rift: O komm eran!*
*Du hues verdéint dat éiwegt Liewen. Du wors e goude Wéngertsmann!*

## Voeux de Nouvel An

**Vill Gléck am neie Joër an eng gutt Gesondheet**

M. Jos. Weirich, Dudelange
M. Bolmer Jean-Pierre, Nospelt
M. Champagne Nicolas, Esch-Alzette
M. Clees Jos, Neidhausen
Mme Flamming-Claus Mélanie, Bonnevoie
M. Gruber Emile, Lintgen
M. Hames Jean, Gonderange
M. Heintz Ernest, Ettelbruck
M. Jacob Bernard, Fingig
M. Junck Gaston, Diekirch
M. Olsem Emile, Kayl
Mme Reeff-Noël Josée, Oetrange
M. Steffen Jules, Kleinbettingen
Mme Steffen Mélanie, Esch-Alzette
M. Steichen Ernest, Luxembourg
M. Luss Medernach, Luxembourg
Mme Medernach-Blondelot Margréit, Luxembourg

**Anciens de Tambow**
Audry Alphonse, Dalheim
Niederweis Alphonse, Bech
Geimer Ferd., Bechmacher
Holcher Lucien, Hellange
Frast Jos. et Mme, Schifflange
Pepin-Steichen Louise, Hovelange
Meyers Alphonse et Mme, Esch-Alzette
Roeser Pierre, Howald
Kohl Léon Mme, Cessange
Lorenzini Ed. Luxembourg
Becker Nic., Luxembourg
Scholer Metty Mme, Lamadelaine
Frascht-Palgen Mme, Luxembourg
Damoiseaux Armand, Luxembourg
Kohn H. et Mme, Steinheim
Moutschen Lucien, Kayl
Schandel Paul, Luxembourg
Koenig François, Dudelange
Goedert-Mohr François, Consdorf
Junck Gaston et Mme, Diekirch
Steffen Jules et Mme, Kleinbettingen
Schiltz Jos. et Mme, Luxembourg
Halsdorf Jos. Mme, Consdorf
Greisch-Rinaldis Alph., Belvaux

**Section Bettembourg**
M. Becker Henri, Bettembourg
M. Colling Arthur, Bettembourg
M. Colling Paul, Bettembourg
M. Delvaux Armand, Luxembourg
M. David Henri, Bettembourg
M. Denter Armand, Bettembourg
M. Erpelding Fernand, Bettembourg
M. Ewert Théo, Bettembourg
M. Fehlen J.-Pierre, Bettembourg
M. Fleres J.-Pierre, Bettembourg
M. Gerson Félix, Bettembourg
M. Gleis Paul, Bettembourg
M. Guelff René, Bettembourg
M. Hansen Aloyse, Hellange
M. Heinen Gaston, Bettembourg
M. Hoeltgen Gust., Bettembourg
M. Hoffmann Armand, Hellange
M. Jacques Prosper, Luxembourg
M. Jeitz Fernand, Bettembourg
M. Juncker Victor, Bettembourg
M. Kass Henri, Bettembourg
M. Kayl Alphonse, Abweiler
M. Kayser Ernest, Bettembourg
M. Kieffer Camille, Bettembourg
M. Kirpach Josy, Bettembourg
M. Koepp Jean, Bettembourg
M. Kloos Charles, Dudelange
M. Lamesch Michel, Bettembourg
M. Lentz Marcel, Bettembourg
M. Lorang Fernand, Rumelange
M. Marx Emile, Bettembourg
M. Muller Aloyse, Bous
M. Neumann Marcel, Bettembourg
M. Nicola Henri, Bettembourg
M. Nilles René, Ingeldorf
M. Pierrard Jean, Wasserbillig
M. Polfer Aloyse, Bettembourg
M. le Curé Rausch Nicolas, Béreldange
M. Roden Fernand, Luxembourg
M. Rodesch Alphonse, Bettembourg
M. Schroeder Paul, Bettembourg
M. l'Abbé Stoos Charles, Bettembourg
M. Theis Nicolas, Bettembourg
M. Thill Jean, Bettembourg
M. Thill Théo, Bettembourg
M. Turpel Menn, Bettembourg
M. Wallerang Nicolas, Bettembourg
M. Wallers Roger, Bettembourg
M. Weiler Marcel, Bettembourg
M. Weydert Alphonse, Bettembourg

**Section Hesperange**
Coner Julien, Fentange
Weissen Armand, Itzig
Heinen Pierre, Contern
Oster Norbert, Hesperange
Scheer Mathias, Hesperange
Stein Emile, Alzingen
Theis Alphonse, Alzingen
Molling Albert, Hesperange
Mme Joseph Toussaint-Weber, Hesperange
Schadeck-Fasbinder Camille, Alzingen
Fox François, Hesperange
Baddé Nicolas, Remich
M. et Mme Conrardy Paul, Hesperange
Mathes-Rauen Camille, Contern
Louis Raymond, Howald
Lamesch Catherine, Luxembourg
Huberty Marcel, Howald
Thinnes-Putz Joseph, Howald
Mme Guelf-Winandy Gerty, Howald
Thill-Graas Ferdinand, Howald
Schettlé Nicole, Itzig
Winter Ariane, Itzig
Kalmes Fernande, Itzig
Jemming Jeanny, Hesperange
Marx Louise, Hesperange
Grof Henriette Mme, Fentange
Birscheid Poupa, Hesperange
Urbé Germaine, Hesperange
Feyder Robert, Fentange
Jung Pick, Fentange
Santer-Diederich Marc, Fentange
Hansen-Reimen Albert, Fentange
Frères Robert, Itzig
Weydert Jean, Fentange
Poncin Gilbert, Alzingen
Schumacher Fernand, Fentange
Schlesser Anatole, Dudelange
Kremer Léon, Hesperange
Thull Robert, Alzingen
Schadeck Camille, Alzingen
Schmitt Etienne, Fentange
Ney Roger, Alzingen
Altmann Joseph, Alzingen
Hensgen Mich et Alice, Itzig
Bliengen Fernand, Itzig
Theis Jean, Alzingen
Klaus Roger, Itzig
Feyder Léon, Fentange
Mme Gantenbein Marie-Thérèse, Fentange
Mme Gantenbein Renée, Fentange
Freylinger Pierre, Fentange
Godart René, Alzingen
Presti Giacomo, Hesperange
Thull Aly, Fentange
Rod Victor, Howald
Joachim Henri, Alzingen
Feidt Guy, Lux.-Bonnevoie
Tremuth Margot, Fentange
Poncin Jetty, Alzingen
Gengler Anne, Fentange
Nickels Elisabeth, Alzingen
Geib Josée, Alzingen
Deville Eliane, Hesperange
Kettel Jean-Pierre, Alzingen
Rinnen Emile, Howald
Neuser Nicolas, Luxembourg

M. et Mme Meier-Thielen Alphonse, Merscheid
M. Pleim Jean, Gilsdorf
M. et Mme Roth-Bales Léopold, Diekirch
M. et Mme Steinberg-Welter René, Bettendorf
M. Theis Egon, Diekirch
M. et Mme Wolter-Kuffen Marcel, Diekirch
M. Graaff Victor, Diekirch

**Section Wasserbillig-Mertert**
M. Michel Thiel-Mathieu, Wasserbillig
M. et Mme P. Wenandy-Bechtold, Mertert
M. et Mme Bredimus-Hoffmann, Wasserbillig
M. François Boehm-Heyder, Wasserbillig
M. et Mme Eugène Felten-Jacoby, Wasserbillig
M. et Mme Rob. Weirich-Fries, Wasserbillig
Mme M. Theisen-Achen, Wasserbillig
Mme Jean Maes-Schartz, Wasserbillig
M. et Mme M. Rech-Welter, Mertert
M. et Mme Eloi Weber-Mangen, Wasserbillig
Mme P. Friedrichs-Garnich, Wasserbillig
Mme J. Diederich-Roob, Mertert
Mme Jos. Haag-Neumann, Wasserbillig
M. et Mme Eugène Schmit-Schou, Roodt-Syre
M. et Mme Jos. Wirtz-Delvaux, Wasserbillig
Mme Marcel Folschette-Überecken, Mertert
M. et Mme Emile Dahm-Sunnen, Wasserbillig
Melle Wecker Anny, Mertert

# Aus eiser Agenda

All Méndes owends um 18 Auer, no den Informatiounen an dem Manifestatiounskalenner op **RADIO DIDDELENG** 103,9 fm oder op der Gemeinschaftsantenn 100,9 éng Sendung iwert **d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich — Diddeléng a schwéirer Zäit.**

Zu Diddeléng as eng Dauerausstellung

**«d'Enrôlés de Force vun 1940 bis haut.»**

Fir de Public as se op all Donneschdeg muerges vun 9.15 bis 11.15 Auer.

Si kann awer och all Dag a Feierdag besicht gi vu Gruppen. Duerfir soll ee sech viirdrun umellen an zwar op engem vun den Telephonsnummeren: 51 17 17 – 51 43 89 – 51 02 82.

**Sonndeg, 09. Januar 1994**

Generalversammlung vun der Sectioun Grousbous. Si ass um halwer dräi turnusgeméis an der Gemeng Viichten.

**Sonndeg, 30. Januar 1994**

Um 18.00 Auer as um Kanounenhiwwel beim Nationaldenkmal an der Stad eng Veillée. Mir gedenken deenen 91 Jongen, déi zu Sonnenburg (Slonsk) an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 vun der preisescher SS ermuerd goufen. Opruff un d'Sectiounen mat hire Fändelen op de Kanounenhiwwel ze kommen.

**Sonndeg, den 20. Mäerz 1994**

D'Sectioun Grousbous begeet hiren traditionnellen Commémoratiounsdag zu Viichten.

**Donneschdeg, 28. Abrël 1994**

Um 11.15 Auer as an der Kathedrale an der Stad d'Oktavmass fir all am Krich gefaale, vermësst a no dem Krich verstuerwe Jongen a Meedercher vun de Joërgäng 1920-1927.

**Sonndeg, 08. Mee 1994**

An der Haptstad as nométtes d'Schlussprozessioun vun der Oktav. Mir Enrôlés de Force huelen drun deel. All eis Fändele gi mat.

**Sonndeg, 15. Mee 1994**

Promenade-surprise zu Biwer/Wecker, organiséiert vun der Sectioun Jonglënster.

**Meendeg, 22. August 1994**

D'Sectioun Jonglënster organiséiert eng Rees vun enger Woch – 22. bis 28. August 1994 agegraff – op Lingen am Emsland. Zu Lingen as de 24. August 1994 eng Gedenkzeremonie fir déi siewe brav, jonk Lëtzebuerger, déi genee viru 50 Joër, a. z. de 24. August 1944 als Geiselen ermuerd goufen fir dee vun zwee Refraktären erschossenen Ortsgruppenleiter Pg. Alfons Calmes vu Jonglënster. Abegraff an dëser Rees si Besiichtegunge vu Lingen an Emgéigend, dem ganzen Emsland, Papenburg, Emden a Bremen. All weider Informatiounen iwer dës aussergewéinlech Rees, gi mat zäite bekannt gemaach.

**Freideg a Samschdeg, 9. an 10. September 1994**

Grouss Gedenkfeiere bei Geléenheet vum 50. Anniversär vun der Liberatioun vun eisem Ländchen duerch amerikanesch Truppen.

**Sonndeg, 11. September 1994**

Journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force an der Haptstad.

**Sonndeg, 09. Oktober 1994**

a) Journée de commémoration nationale.

b) Journée commémorative vun den Enrôlés de Force, Sectioun Jonglënster an Emgéigend.

**Samschdeg, 05. November 1994**

Journée an Assemblée générale vun der Amicale des Anciens de Tambow.

**Stierwesdag, 26. Dezember 1994**

Traditionnell Commémoratiounsfeier zu Diddeléng fir all gefaal, vermësst a no dem Krich verstuerwen Enrôlés de Force.